



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/02/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.**

Den 22. Februar huet d'Weltgesundheitsorganisatioun (WHO) gemellt, dass 77.794 COVID-19 Infektiounen weltwäit rapportéiert goufen, wourënner leider och 2.359 Fäll waren, déi déidlech verlaf sinn.

D'WHO mellt gläichzäiteg, dass an der Grippe-saison 2019/2020 méi ewéi 103.080 Persounen sech mat der Gripp (Influenza) infizéiert hunn. Dës Zuele vun der WHO enthalen just déi gemellte a confirméiert Fäll. D'Donkelziffer läit warscheinlech vill méi héich. An der Grippe-saison 2018/2019 sollen et knapp 200.000 Persounen gewiescht sinn.

Och d'Influenza ka reegelméisseg déidlech ausgoen. Esou huet den Robert Koch Institut fir d'Saison 2017/2018 geschat, dass et eleng an Däitschland zu 25.000 Doudesfäll duerch Influenza koum, woubäi 1.674 Fäll am Labo confirméiert konnt ginn. Och an der leschter Grippe-saison 2018/2019 goufen et eleng an Däitschland 954 confirméiert Doudesfäll duerch d'Gripp.

Mëttlerweil ass dovunner auszegoen, dass de COVID-19 Ausbroch en negativen Effekt op d'Weltwirtschaft och op Lëtzebuerg hunn. Bedreiwere vun asiateschen Restauranten, kloen iwwerdeems iwwer manner Clienten an d'Rapporte vu xenophoben a rassisteschen Aussoe géigeniwwert Leit mat asiateschen Originnen ginn an d'Luucht.

An deem Zesammenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Am Kontext vum strategeschen WHO-Objektiv an am Kader vun der COVID-19 Bekämpfung "Communicate critical risk and event information to all communities and counter misinformation" - wéi plangt d'Madamm Ministesch de Leit d'Angscht ze huelen an d'Desinformatiounen ze bekämpfen?
2. D'WHO mécht aktuell folgend Recommendation u Reesender:

*"WHO does not recommend any specific health measures for travellers. In case of symptoms suggestive of respiratory illness either during or after travel, travellers are encouraged to seek medical attention and share their travel history with their health care provider."*

Ginn et Pläng vun der Regierung, fir der WHO hir Recommendationen u Reesender méi breed ze kommunizéieren?

3. Ass d'Madamm Ministesch der Meenung, dass d'Recommendatioun vun der WHO beim COVID-19 änlech Mesuren ze huelen, wéi an der Grippepreventioun, duer



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)



Sensibilité politique  
Boîte postale 83  
L-7201 Bereldange

geet?

4. D'WHO huet am Kader vun engem Ausbroch vu COVID-19 eng Informationsbroschür erausginn, fir Stress- an Angschtsituatiounen ze meeschteren:

[coronaviruse/coping-with-stress.pdf](https://www.who.int/docs/default-source/coronaviruse/coping-with-stress.pdf)"><https://www.who.int/docs/default-source/coronaviruse/coping-with-stress.pdf>

souwéi

[coronaviruse/helping-children-cope-with-stress-print.pdf](https://www.who.int/docs/default-source/coronaviruse/helping-children-cope-with-stress-print.pdf)"><https://www.who.int/docs/default-source/coronaviruse/helping-children-cope-with-stress-print.pdf>)

Plangt d'Madamm Ministesch de Public – änlech wéi d'WHO – z'informéieren, wéi een de Stress an d'Angscht, déi duerch een Ausbroch vum COVID-19 kënnen optrieden, meeschtere kann?

5. Wéi eng Mesurë wäert d'Regierung huelen, fir de Public zu Lëtzebuerg ze sensibiliséieren an rassisteschen oder xenophoben Verhalensweisen ze vermeiden?
6. Plangt d'Madamm Ministesch fir d'Populatioun besser iwwert déi relativ Gefor vum COVID-19 opzeklären?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven  
Député



[www.piraten.lu](http://www.piraten.lu)